



NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

1/2006

Virwuert

## Léiw Frënn vum Comité Alstad,



Mat dësem Bulletin wëlle mir Iech an der Zukunft iwwert ons Aktivitéiten an och wat et soss nach vun Neiegkeeten an der Alstad gëtt informéieren.

Dir gesitt an dësem Nr 1 wéi eng Objeeën mir fir d'Éimaischen 2006 erausginn a wat mir soss nach virhun: d'Ouschterausstellung am Konschthaus Beim Engel, e ganz besonnesche Concert an der Mecheslkierch, d'Maus Kätty an nëtt ze vergiessen den 2. Aulebäckermaart.

Dëse Bulletin wëlle mir emol am Fréijoer an emol am Hierscht erausginn an domat ons sëlleche Circulairen ersetzen. Mir mengen, dëst fir méi eng sympathesch Aart a Weis fir de Kontakt mat onse Memberen, Éierememberen a Frënn ze ënnerhalen a mir hoffen dass mir duerhale wäerten an dass ons "Alstad News" e laangt Liewen kréien. Dozou gënn Dir natierlech och selwer duerch är Zouschrëfte bäidroen.

Mir hoffen dass de modernen Numm vun onsem Bulletin vum Comité Alstad Iech nett stéiert an dass deen neie Logo Iech gefält.

Mir si frou wann Dier Iech weider zu onse Frënn zielt, a mir recommandéieren Iech natierlech alles dat wat am Bulletin annoncéiert gëtt.

Mir soen Iech Merci fir Ären Intressi a mir hoffen, Iech op onsen nächste Rendezvousen erëm gesinn.

Jean-Mathias **GOERENS**

*President*

Concert

## „Trumpet Classics"




**Heimat invitéieren mir iech op en aussergewéinlechen Concert en Mëttwoch den 3. Mai 2006 um 20:00 Auer an der Mechelskierch um Fëschmaart**

Entrée: 15 € – Reservatioun iwer Telefon 46 61 80 oder mat Fax op den Nummer 40 97 50 oder och mat E-Mail: comite.alstad@pt.lu"

## D'MAUS KÄTTY

D'Maus Kätty ass den Titel vun engem flotten Stéick fir grouss a kleng wat ons vun den Kanner vum **BELAIRER SCHOULTHEATER "PRËNZ GUILLAUME"** présentéiert gött.

Dat ganzt steet ënnert der Direktioun vun der Madame Gisèle Dupong-Mreches an hierer Equipe.

**Wéini?**
OUSCHTERMÉINDEG,
OP DER ÉIMAISCHEN.

**Wann?**
Zwou Virstellungen stinn um Programm.
Déi éischt um 10:00 AUER
an eng zweet um 11:00 AUER.

**Wou?**
OP DER GROUSSER PLAAZ
VIRUM MUSÉE.

A wéi ëtt och schons eng lang Traditioun beim **FOLKLORGRUPP „UUCHT"** ass, sinn sinn sie och döst Joer eröm derbei a présentéieren ons töschent 10:00 Auer an 12:00 Auer op verschidden Plaazen hier Lëtzebuerger Dänz.

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1945 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • Fax: 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu



# AULEBÄCKERMAART

## an der aler Stad 08 Juli 2006

Dat vieregt Joer hat de Comité Alstad an Zesummenarbecht mat der Stad Lëtzebuerg deen 1schten Aulebäckermaart an der aler Stad organiséiert. Dat wor e schéinen Erfolleg an huet ons Courage gemach fir döst Joer och eröm mat der Stad Lëtzebuerg zesummen den zweeten Aulebäckermaart op d'Been ze stellen. An zwar e **SAMSCHDEG DEN 8 JULI 2006** um Krautmaart (rue du Marché-aux-Herbes) an um Krempelmaart (rue de la Reine).

**UFANK UM 17:00 AUER BIS MÖTTERNUECHT.**

Et machen mat, Aulebäcker aus Däitschland, Frankräich, Holland, Éisträich, Belsch a Lëtzebuerg.

Vun **17 AUER** un wann de Maart opgeet hu mer och schons fir den musikaleschen Encadrement gesuergt. An zwar mat dem **LETZEBUERGER FOLKLORGRUPP „LIDDERUUCHT"** ënnert der Leedung vum Här Claude Hornick, gekluft ewéi an der Bourgeoisie vun de bessere Leit, esou tëscht 1820 an 1890, déi iwert den Aulebäckermaart tréppelen an ons e Potpurri vu Lëtzbuerger Lidder présentéieren

An um **20:30 AUER**, bei der Chamber, offréieren mier iech e ganzen flotten Concert mat den **„STATER BLECH BLÉISER"**, en Ensembel vun der Stater a Lampertsbierger Musek

# De Fuuss am Frack an a Mansgréisst

oder de Renert a 9 Biller

*Drop koum den Hond, de Finnett, Erbäi zum Kinneksstoul;*
*Franséisesch kann dee schwätzen als wi eng Gabberjoul.* (1. Gesank)

Am Joer 2002 hu mir ugefang mat enger Serie vu Figuren (Bas-relief) aus dem Michel Rodange sengem Renert. Déi flott Figuren goufen vun der Könschtlerin Yvette Gastauer entworf a ginn an der Keramikfabrik zu Esch hiergestallt. Déi éischt Figur de „Renert" gouf 2002 erausbruecht. An dun an deenen Joeren drop woren ëtt de Wollef, de Bier an den Léif. An döst Joer, fir d'Éimaischen ass an der Suskriptioun d'Figur vum Hond, dem „Finnett".
(Moossen: 10,5 cm x 23,5 cm x 3,5 cm):

Bestellen kann een elo d'Figur vum Hond „Finnett" beim Comité Alstad a.s.b.l. bis spéitestens den 10. Abrëll 2006, duer iwwewei-sen vun 40 € op een vun den folgenden Konten:

| | |
|---|---|
| **Fortis Bank Lëtzebuerg:** | **IBAN LU64 0030 7564 6694 0000** |
| **Spuerkeess:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |

Ofhuelen kann een säi bestallten Bas-relief, Ouschterméindeg, den 17. Abrëll 2006 op der Éimaischen, um Stand vum Comité Alstad vun muerjes 08:00 Auer bis 12:00 Mëttes. Fir déi Leit déi nött können, aus irjend engem Gron op d'Éimaischen kommen, können hier Bestellung an der Galerie „Konschthaus Beim Engel" op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart ewechhuelen.
An dat all Dag, ausser Méindes, vun 10:00 Auer bis 12:00 Auer a vun 13:00 Auer bis 19:00 Auer.



A fir d'Éimaischen 2007 könnt dann d'Figur vum Hues „Lampert".

**Et sief awer och nach bemierkt dass den Nettoerléis vum Verkaf fir e gudd Wierk ass.**

Concert

## „Trumpet Classics"




**Heimat invitéieren mir iech op en aussergewéinlechen Concert en Mëttwoch den 3. Mai 2006 um 20:00 Auer an der Mechelskierch um Fëschmaart**

Um Programm Wierker vum J.S. Bach, G.F. Haendel, H. Purcell, C. Franck a J.B. Loeillet.

**ENTRÉE: 15 €**

**Réservatioun iwert Telefon 46 61 88 oder Fax 40 97 50 oder E-mail: comite.alstad@pt.lu**

## D'Haus „Oennert de Steiler"




„Oennert de Steiler", och nach am Volleksmond no sengem fréieren Besötzer „Ditschen Haus" genannt (Den Johann Wilhelm Ditsch, Metzler, hat 1824 hei am Haus eng Wiertschaft opgemacht.) ass dat äelsten Haus aus onser Stad. Déi Renaissancevirhaal ass aus der franzéischer Zäit a wor d'Haptwuecht. Intressant sin déi gotesch Mauerwierker iwert de Fënsteren vum éischten Stack. Am Laaf vun den Joerhonnerten hun sech hei och bemierkenswiert Erejnisser ofgespielt. Aus der Geschicht wösse mer dass an der Nuecht vum 21. op den 22. November 1443 Burgunder an d'Stad agefall sinn. Den Jean Schalop, een vun den eifregsten Géigner vun der Herzogin Elisabeth von Görlitz, huet hei vrum Haus den Heldentoud fond. An am Joer 1919 goufen hei an der Wiertschaft, 4 Jongen aus dem Quartier gefeiert, déi am éischten Weltkrich an der Friemenlegioun gedengt hun.

D'Haus „Oennert de Steiler", gezeechent vum Prof. Jos. Wegener, ass och Motiv vun engem klengen rechteckege Plateau den mir iech fir déi dösjähreg Éimaischen ubidden. Den Plateau produzéiert vu Villeroy & Boch huet Moossen 24 x 12 cm ass numérotéiert mat Zertifikat an och an engem schéinen Emballage.

Bestellen kann een elo de Plateau „Ënnert de Steiler" beim Comité Alstad a.s.b.l. bis spéitestens den 10. Abrëll 2006, duer iwweweisen vun 30 € op een vun den folgenden Konten:

| | |
|---|---|
| **Fortis Bank Lëtzebuerg:** | **IBAN LU64 0030 7564 6694 0000** |
| **Spuerkeess:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |

Ofhuelen kann een säi bestallten Bas-relief, Ouschterméindeg, den 17. Abrëll 2006 op der Éimaischen, um Stand vum Comité Alstad vun muerjes 08:00 Auer bis 12:00 Mëttes. Fir déi Leit déi nött können, aus irjend engem Gron op der Éimaischen kommen, können hier Bestellung an der Galerie „Konschthaus Beim Engel" op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart ewechhuelen. An dat all Dag, ausser Méindes, vun 10:00 Auer bis 12:00 Auer a vun 13:00 Auer bis 19:00 Auer.





## Opruff !

Mir sinn derbäi e Photoarchiv opzebauen. A mir wiere frou wa mir op Är Mathëllef kéinten zielen. Mir siche Photoe vun onser Alstad dem Fëschmaart. Mir sichen: Architekturphotoen, kulturell Manifestatiounen, vun der Éimaischen, vu sportlechen Evenementer, reliéis Gebräicher, Persounen asw., esou ze soen alles wat mam Fëschmaart zesummen hängt.

Wann Dier esou Photoen hutt wiere mir ganz frou, wann Dier ons déi géift zur Verfügung stellen, fir dass mer dovunner kéinten eng Copie man. Et versteet sech vum selwen dass Dier Är Originaler onbeschiedegt zréck kritt.



Wann Dier ons hëllefe könnt, da rufft ons einfach un, um **TELEFON: 46 61 88**

Elo schonns e ganz grousse Merci fir Är Mathëllef

*op*

## Salon de Paques


Wéi ött och schons eng Traditioun beim Comité Alstad ass, hu mir och döst Joer fit Iech onsen Ouschtersalon am Konschthaus Beim Engel eröm opgemacht.
Vum **15. ABRËLL BIS DEN 30. ABRËLL** kann en um Rez-de-chaussée Tablauen gesinn mam Thema **„LE VIEUX LUXEMBOURG"**.



Önnenof am Sous-sol eng Partie Tablauen vun veschiddenen Themen an Techniken an och etlech Keramiken. D'Artisten déi Ausstellen sinn:

**Audry-Klein Catherine, Pierre Reinert, Margy Arbogast, Paul Funck, Jeanny Peters-Theisen, Sergio Di Paoli an Keramikfabrik vun Esch; Luuchten (a form vu Blumen) aus der Hand vum Daniel Federspiel.**

D'Ausstelung ass op, all Dag vun**10:00 AUER BIS 12:00 AUER A VUN 13:00 – 19:00 AUER.**
Ausser Méindes ass zou. Awer Ouschterméindeg, wann dir op d'Éimaischen kommt huet Dier awer och d'Méiglechkeet d'Ausstellung ze besichen, well den Dag ass nitirlech op. – Den Entrée ass frei.



# E puer Wuert iwert de Comité Alstad

D'Éimaischen, en alen Aulebäckeschmaart, ass en uralt Volleksfest wat sech all Joer op Ouschterméindeg an den Stroossen vun der Alstad ofspillt. Et wor an den drësseger Joeren vum leschten Joerhonnert, ewéi ëtt geheescht huet d'Éimaischen verléiert un Attraktivitéit an un Popularitéit. Et huet dunn nach eng Zäitchen gedauert, bis sech am Joer 1937, zwee Frënn vun der Alstad, den Georges Schmitt. (Conservateur am Staatsmusee) an Lambert Schaus (fréieren Minister a Botschafter) sech zesummengesaat hun mat dem Ziel de Quartier vum Fëschmaart eröm nei opliwen zelossen, an am besonneschen ass ëtt hinen drëms gang dat uralt lëtzebuerger Volleksfest Éimaischen eröm mei populär an attraktiv ze machen.

A mat um Dësch soutzen d,Hären Gust Hoffmann (Geschäftsmann), Jean-Pierre Koltz (Historiker), Jean-Pierre Feidert (Industriellen) a Jos. Parmentier (Staatsbeamten). Domat wor den Comité Alstad an d'Liewen geruff ginn. Mé watt konnte e man fir eröm mei Leit op d'Éimaischen ze kréien? Du ass d'Idee opkomm fir all Joer e klengt Konschtwierk aus Ierd (wat mat dem Fëschmaart oder mat der lëtzebuerger Geschicht ze dinn huet) op der Éimaischen ze verkafen an den Erléis dovun soll engem gudden Zweck zouerkannt ginn. An esou ass dun op der Éimaischen am Joer 1938 e klengen Äeschenteller verkafft gin zu Gonschten vum Rode Kräiz. An den Erfoleg sollt dem neien Comité Alstad Recht ginn. An esou ass zanter 1938 all Joer, an haut och nach, op der Éimaischen e klengt Konschtwierk ze kréien. A muencher een huet sech domat eng schéin Sammlung vun Éimaischen-Undenken ugeluecht. An esou ass de Comité Alstad zanter 1938 Joer vir Joer mat engem Stand op der Éimaischen vertrueden.

Mé den neien Comité Alstad hat nött nömmen um Programm d'Éimaischen nei opliewen ze lossen, Méi och dat kulturellt Liewen an an döse malen Quartier vun der Stad. Esou wo den Comité Alstad Fiederféirend bei der Ausstellung `Saachen aus der aler StadA déi 1939 am Kader vun der Onofhängegkéitsfeier am am "Cercle" wor. Mat der Ënnerstetzung vun den Fëschmaarter Geschäftsleit wor den Comité Alstad all Joer mat engem geréschten Auto beim Faackelzuch fir Groussherzogins-geburtsdag derbei, an dat bis 1950. Ënner anerem goufen och Conceren organiséiert, Austellungen, asw. (Eenzelhéiten kann een an der Chronik noliesen). De Comité Alstad huet nach bis 1981 vill geschafft, am Intressi vun der Éimaischen an der Alstad an dun hun si décidéiert fir de Comité Alstad a méi jonk Hänn ze ginn awer mat der Oplo an hierem Sönn wieder zeschaffen. Den méi jonken Comité Alstad huet déi Oplo och gären ugeholl a huet och direkt ugefang mat schaffen a konnt sech och dunn op der Éimaischen 1982 eng éischten Kéer présentéieren.

De Georges Schmitt, den Initiateur vum Comité Alstad ass kurz virum 50. Anniversaire vum Comité Alstad gestuerwen.

Am Joer 1984 ass aus dem Comité Alstad, duerch Publikatioun vun den Statuten am Mémorial vun den Gesellschaften an Associatiounen N° 244 vum 12. September 1984 eng Association sans but lucratif ginn.

Den aktuelen Verwaltungsrot vum Comité Alstad a.s.b.l.

**President** . Jean-Mathias GOERENS
**Vize-President** . . . . . . . . . Guy MAY
**Generalsekretär** . . . . . Claude ESCH
**Trésorier** . . . . . . . . . Marc BRIMAIRE
**Administrateur** . . . . Serge DI PAOLI

**Member:** Guy De Muyser, Fernand Emmel, Jean Ensch, Jean Flick, Francine Holler, Guy Jourdain, Emile Kraemer, Margot Libens-Reiffers, Jean-Marie Majerus, Alphonse Wiltgen, Claude Wolwert, Isabelle Yegles, Fernand Zeutzius



Dans les années à venir notre association réalisera d'importantes et coûteuses manifestations comme par exempl: en 2006 un concert de musique classique (trompette et orgue) un **«Lëtzebuerger Owend»**, 2ième marché de la poterie, concert de Noël et en préparation pour l'année 2007, célébration du 70ième anniversaire de la fondation du Comité Alstad, une exposition sous le titre «Trésors d'Europe» regroupant 27 sites de l'Union Européenne inscrites sur la liste du patrimoine mondial de l'Unesco. A ne pas oublier nos manifestations traditionnelles Éimaischen, Salon de Pâques etc.

Le conseil d'administration vous propose de bien vouloir soutenir les activités du Comité Alstad en restant ou en devenant membre d'honneur de notre association. Ainsi il espère pouvoir compter sur votre bienveillance et votre appui financier à l'égard des nombreuses activités du Comité Alstad. Il vous invite donc à bien vouloir renouveler respectivement acquérir votre carte de membre d'honneur pour l'année 2006.

Voilà pourquoi il vous prie de bien vouloir verser la somme de 10 €, montant qu'il vous reste d'ailleurs loisible de fixer selon votre propre appréciation personnelle, à son compte **N° IBAN LU19 0030 7564 6694 000** auprès de la **Fortis Banque Luxembourg**, mention **«Membre d'honneur»**. Votre carte de membre vous sera envoyée par voie postale.

Le conseil d'administration vous remercie cordialement de votre appui tant moral que financier par lequel vous permettez au Comité Alstad de promouvoir la vie culturelle dans notre vieille ville.